Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DEN NIC. DIFFERDING

Den Nic. gouf kurz virum Krich den 6. Abrëll 1938 zou Diddeleng gebuer an hien koum Enn vun den 40er Joeren als Wëllefchen bei d'Peaux-Rouges. Während villen Joeren wor hien dunn Scout, Rover an duerno Chef. 1957 wor hien als jonken Kärel als een vun dräi Peaux-Rouges mat der FNEL mat op den 9. Welt-Jamboree op Sutton-Coldfield an England zum 100. Gebuertsdag vum Baden-Powell. Zesummen mat sengen Scouts-Kollegen ass et him virun allem an den 70er Joeren gelongen eisen Groupe um Liewen ze halen. Matt den Scouten vun deemools huet den Nic. zesummen mat senger Fra an sengen zwee Jongen vill schéin Campinger organiséiert, esou gudd zou Lëtzebuerg ewéi am Ausland, flott Beispiller woren d'Summervakanzecampinger an Éisterräich an am deemolegen Jugoslawien. Wou et an den 80er Joeren erëm biergop gaangen ass mat den Peaux-Rouges wor den Nic. ëmmer op der Säit vun sengem Groupe. Am Aarbechtsliewen huet hien beim Tageblatt als Journalist geschafft an esou munchen peffegen Artikel an dëser Minettszeitung koum aus senger spatzer Fieder. Bestuet wor hien mam Liliane KREMER a Papp vum Fränk an vum Jeff. Den 17. September 1997 huet den Nic. eis vill ze frei fir ëmmer verlooss.

****